WÉI FONCTIONNÉIERT D'PATENSCHAFT VUM CENTRE NOOMDO?

Eis iwwer 7 Joer laang Erfarung huet eis dozou bruecht, eis fir eng kollektiv Patenschaft (amplaz vun enger individueller) ze entscheeden, fir eng méi nohalteg a gerecht Gestioun vum Heem ze garantéieren. Jiddwer Spender kann de Betrag pro Mount (op mannst 30€), deen e wëllt spenden, selwer festleeën. Als Géigeleeschtung gëtt de Spender reegelméisseg mat Informatiounen zum Liewe vun de Kanner duerch de Bulletin Noomdo um Lafende gehalen. Spender dierfe mat de Kanner Kontakt ophuelen oder si am Heem besiche kommen.
Mir empfänken lech gären!

Är reegelméisseg Donen* halen den Zenter um Liewen. Fir dëst ze verbildlechen, sinn ënnendrënner 4 Aarte vu Versuergungen opgelëscht:

D'komplett Versuergung (Don vun 110€ / Mount) entsprécht:
- Der Versuergung vun engem Kand (lessen, medezinesch Versuergung, Kleeder, Scolariséierung, schoulesch Betreiung, Fräizäitaktivitéiten);
- Der Deckung vun de lafende Käschten (Ënnerhalung vum Gebai a vum Equipement);
- Der Pai vum Personal, dat sech ëm d'administrativ a finanziell Gestioun vum Zenter bekëmmert.

D'partiell Versuergung (Don vu 70€ / Mount) entsprécht:
- Der Versuergung vun engem Kand (lessen, medezinesch Versuergung, Kleeder, Scolariséierung, schoulesch Betreiung, Fräizäitaktivitéiten);
- der Deckung vun de lafende Käschten (Ënnerhalung vum Gebai a vum Equipement).

D'Basisversuergung (Don vu 55€ / Mount) entsprécht:
- Der Versuergung vun engem Kand (lessen, medezinesch Versuergung, Kleeder, Scolariséierung, schoulesch Betreiung, Fräizäitaktivitéiten).

D'Minimalversuergung (Don vun 30€ / Mount) entsprécht:
- Der Versuergung vun engem Kand mat lessen.

KONTAKTÉIERT EIS, FIR SPENDER ZE GINN!

*Dës Donen si vun de Steieren ofsetzbar. Fir all aner Donen (Eenzelen Don, Don vu Saachen, Hannerloossenschaften, Sponsoring, Don duerch eng Firma) kontaktéiert eis w.e.g.

INFOS:

ONG le Soleil dans la Main
48, Duerfstrooss
L-9696 Winseler (Luxembourg)
Tél: (+352)621 561 261
contact@asdm.lu / www.soleil.lu
lesoleildanslamain

DEELE KA JIDDEREEN

BANKDONNÉEË FIR DONEN:

Zu Lëtzebuerg
CCPL: LU43 1111 2051 2264 0000
BCEE: LU74 0019 1955 6943 7000
A Frankräich
SOGE: FR76 3000 3024 5300 0505 0740 835
SWIFT/BIC: SOGEFRPP
Am Burkina Faso
BF083 00018 1417 3502 3401 14

D'ONG fir Entwécklungshëllef Le Soleil dans la Main ass 2002 vun e puer Kollege gegrënnt ginn. Zur Zäit beschäftegt si 34 Salariéen am Burkina Faso an 2 zu Lëtzebuerg, déi fir d'Ausféierung vun de Projeten zoustänneg sinn. Ronn 30 Fräiwëlleger këmmere sech ëm d'Sammelen an d'Administréiere vun de Fongen. Jiddereen, vu Lëtzebuerg bis an de Burkina Faso, gëtt vu senger Zäit, sengem Wëssen a senger Energie fir deenen Hëllef ze bréngen, déi se am néidegste brauchen.

MAACHT MAT OP ÄR MANÉIER!

CENTRE Noomdo
le Soleil dans la Main

Een Heem fir Kanner an Nout

LËTZEBUERG
BURKINA FASO
le Soleil dans la Main
ONG-D

Fotoen © David Demange / Editioun sept. 2017

Kannerheem zu Koudougou

D'Kanner aus dem Heem NOOMDO

NOOMDO, E LIEWENSPROJET!

Mir hoffen, datt alles, wat d'Kanner während hirem Openthalt am Centre Noomdo léieren, hinnen d'Méiglechkeet gëtt, hiren eegene Liewensprojet opzebzauen.

Futtballsmatch um Terrain

Spull an Zesummeliewen

DE CENTRE NOOMDO, ENG EENZEGAARTEG PLAZ

De Centre Noomdo empfänkt Kanner vu 6 bis 18 Joer, déi an enger schwiereger sozialer Lag sinn. Wéi een Heem bitt dës Struktur eng komplett Betreiung vun de Kanner un, mee begleet och den noe Familljekrees.

Eise Centre kann 136 Kanner empfänken. D'Personal léist sech of, fir d'Kanner permanent z'encadréieren. 10 «Tantien» si fir déi familiär Dimensioun zoustänneg. Dobäi kommen e Chauffeur a Logistiker, 3 Wiechter, ee Kach, eng Comptabel an den Direkter. Eng Equipe vu Spezialisten ass zoustänneg fir déi psychologesch, schoulesch, kulturell, sportlech a gesondheetlech Begleedung vun de Kanner. Fräiwëlleger aus Lëtzebuerg erweideren dës Equipe reegelméisseg. Dank deene Leit kann de Centre Noomdo, deen de 19. Februar 2017 ageweit ginn ass, gutt fonctionnéieren. D'Gebai gëtt ëmweltfrëndlech an ethesch bedriwwen (Architektur, Solarenergie, Offallentsuergung, Gestioun vum Waasser, lokal Produiten, Respekt virun all Glawen…)

ENG BEVËLKERUNG ËNNERSTËTZE FIR KEEN ZE VERGIESSEN

Esozialen a globale Projet wéi de Centre Noomdo ass ambitiéis an deier, mee hien ass a senge Moossen eng wichteg Friddensquell an enger fragiliséierter Welt. Fir deem gerecht ze ginn, schafft d'ONG Le Soleil dans la Main **Hand an Hand** mam Staat (ënner aneren der Direction Provinciale de la Femme, de la Solidarité Nationale et de la Famille; der Gemény vu Koudougou; der Direction Privinciale de l'Education Nationale et de l'Alphabétisation; dem District Sanitaire de Koudougou), mat den Duerfbewunner aus der Géigend, mee och mat ähnleche Strukturen, déi am Burkina Faso aktiv sinn. D'Zesummenaarbecht mam Service National de la Jeunesse zu Lëtzebuerg erméiglecht et, zäitweis Volontairen an de Centre ze schécken.

D'Aktioun vun der ONG ass fest verankert an een nohaltege Beweis fir d'Solidaritéit tëschent verschidde Bevëlkerungen. Dëst ass méiglech dank der moralescher a finanzieller Ënnerstëtzung vun den Donateuren an dank dem Kofinanzement vum Lëtzebuerger Ausseministère.

NOOMDO, E PROJET FIR D'LIEWEN!

Schoulesch Ënnerstëtzung

Entspanung a Spaass am Refectoire

D' « Tantien »